




LU

Den IKI an ech

Immateriellt Kulturierwen zu Lëtzebuerg



D'Flouernimm



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture



Immateriellt Kulturierwen
zu Lëtzebuerg



IMPRESSUM

Titre: Den IKI an ech | Flouernimm

Élaboré par la Division de l'innovation pédagogique et technologique.

Contenus et concept didactique pour l'enseignement au Grand-Duché de Luxembourg.



Éditeur:

Service de Coordination de la Recherche
et de l'Innovation pédagogiques et technologiques, SCRIPT
33, Rives de Clausen
L-2165 Luxembourg
secretariat@script.lu

Réalisation/Conception: SCRIPT

Photo de couverture : Jean-Marie Flammang, 1955

© 2024 SCRIPT | Tous droits réservés

Inhaltsverzeichnes

1.	Immateriellt Kulturierwen zu Lëtzebuerg	4
	Wat ass immateriellt Kulturierwen?.....	4
	Mam Nohaltekkeetskompass schaffen.....	7
2.	Flouernimm	8
2.a.	Film a Froen iwwert de Film	8
2.b.	D'Flouernimm gëschter an haut	10
2.c.	Mir schaffe mam Geoportail	11
2.d.	Wat heeschen d'Flouernimm?	13
	Aufgab: Wat ass d'Bedeitung vun dëse Flouernimm?	14
	Aufgab: Verbann dës Plaze mat de richtegem Flouernimm	15
	Zousazmaterial.....	16
	Kontakt	18

Wat ass immateriellt Kulturierwen?

Immateriellt Kulturierwe gëtt och „liewegt Kulturierwe“ genannt. Et ass en lerwe vun onse Virfarenn. Mir ginn et un ons Nokomme weider. Dat èmfaasst zum Beispill Geschichten, Musek, Däinz, Feieren, Wëssen iwwert d’Natur a Fäegkeete wéi d’Handwierk. D’lerwe verännert sech dauernd, well et vun enger Generatioun un déi nächst weidergi gëtt. Sou entwéckelt et sech èmmer weider a passt sech un.

Dat liewegt Kulturierwen ass wichtig, well et de Mënschen helleft, sech mat hirer Geschicht an hirer Kultur verbonnen ze llen. Et kann och hellefen, Gemeinschaften zesummenzehalen a de Respekt vu kulturellen Ënnerscheeder an

d’Kreativitéit vun de Mënschen ze férderen. Wann een d’Kulturierwe schützt, kann een och dozou bäidroen, eng staark, friddlech a vilfälteg Gesellschaft opzebauen.

Zu Lëtzebuerg gëtt dat liewegt Kulturierwen op eng **Lëscht** gesat, fir dass d’Mënschen et kennen a sech driwwer freeë können.

Et gëtt och dat „materiellt Kulturierwe“, wéi zum Beispill d’Alstad vu Lëtzebuerg. Dëst Kulturierwe spiller eng wichteg Roll an der Geschicht an an der Kultur. Dofir gëtt et geschützt, gefleegt a fir d’Éffentlechkeet zougänglech gemaach.



www.iki.lu

Géi op d'Säit www.iki.lu. Et gi 5 Kategorië vun immaterielle Kulturierwen. A wéi eng Kategorie passen déi folgend Kulturierwen?

Mëndlech Iwwerliwwerungen an Ausdrucksweisen	
Kënschtleresch Ausdrucksformen viru Publikum	
Gesellschaftslech Gebräicher, Riten, a Festlechkeiten	
Wëssensschätz a Gebräicher, déi d'Natur an den Universum betreffen	
Fäerdegeekte vum traditionellen Handwierk	

D'lechternacher Sprangprëssessioune

D'Haus- a Flouernimm

D'Schueberfouer

Lëtzebuerger Volleksdänz

D'Éimaischen

Léiffrawëschdag

D'Oktave

Fléizen

Niklosdag

Wanderschéiferei

D'Konscht vun den Haupeschbléiser

Klibbere goen

D'Konscht vum Dréchemauerbauen

Bäerbelendag

D'Hiewanskonscht

1. IMMATERIELLT KULTURIERWEN ZU LËTZEBUERG

Wat sinn d'**Ennerscheeder** tëschent immateriellem a materiellem Kulturierwen?

Nenn **3** materiell Kulturierwe weltwäit!

1 A wéi wäit ka sech en immateriellt Kulturierwe veränderen a sech der aktueller Gesellschaft upassen? Nenn e passend Beispill!

2 Firwat ass et (net) wichtig, dat immateriellt Kulturierwen ze schützen? Begrënn deng Meenung!

3 Wéi kann dat immateriellt Kulturierwe geschützt ginn? Wat kanns du konkret maachen?

Mam Nohaltegkeets-kompass schaffen

De Kompass ass an der Annex

1



Nodeems dir iech an der Klass intensiv mam immaterielle Kulturierwen auserneegesat hutt, kënnt dir elo är Diskussioune verdéiwen an iech mam Nohaltegkeetskompas beschäftegen.

2



Setzt iech dofir a klenge Gruppen zesummen. Kuckt iech den Nohaltegkeetskompass zesummen un a sicht iech zwee oder dräi Theemen eraus, déi iech interesséieren an déi dir méi genau énnert d'Lupp wëllt huelen.

3



Versicht dann, dës Froen am Hibleck op dat Kulturierwen, wat dir grad beschwat hutt, ze beäntworten. Stellt är Resultater duerno der Klass vir a vergläicht oder diskutéiert är Iwwerleeungen.

Kuckt lech de Film zesummen un!

2.a. Film a Froen iwwert de Film



Aufgab:

Lies dës Fro a kuck dir de Film eng éischte Kéier un:



1

Wat ass den **Ēnnerscheed tēscht** enger **Uertschaft** an engem **Flouer**? Verbann déi richteg Äntwerten.

Eng Uertschaft

ass eng onbewunnte Platz mat Felder,
Wisen oder Bëscher

E Flouer

ass eng Platz mat Gebaier a Stroosse,
wou Leit wunnen

2

Schreib d'Wieder „**Uertschaft**“ a „**Flouer**“ ënnen an d'Landkaart:



Foto: <https://map.geoportail.lu/>

3

Fir sech **an** enger Uertschaft erëmzefannen, gëtt et:

4

Fir sech **ausserhalb** der Uertschaft erëmzefannen, gëtt et:

5

Wéi eng **Roll** spiller d'**Archiven** beim **Erklären an Erhale** vun de Flouernimm?

6

Firwat sinn d'**Flouernimm** eng Zort **GPS** vu fréier?

2. FLOUERNIMM

2.b. D'Flouernimm gëschter an haut

Katrewang, Nei Brasilien, Um Gaalgebierg, Um Rimmel, schaarfen Eck... vill Plazen, Stroosser oder Bushaltestellen hei zu Lëtzebuerg hunn Nimm, déi aus de Flouernimm entstan sin. Flouer bezeechent Felder, Wisen an aner onbewunnte Plazen.

Déi meeschte Felder, Bëscher oder Bierger hunn en Numm — e Flouernumm —, sou wéi all Duerf, Strooss oder Floss och en Numm huet: en Duerfnumm, e Stroossegnumm oder e Flossnumm. Dës Flouernimm sinn dacks ganz al a stamen zum Deel schonn aus der

gallo-réimescher Zäit. Dofir ass et net èmmer einfach ze verstoen, wat se bedeiten.

Mee duerch d'Flouernimm kënne mir awer vill léieren iwver d'Sprooch, déi deemools geschwat ginn ass, an och iwver d'Geschicht vun deene Plazen. Bis haut nach hëlfelen déi Nimm eis, eis ze orientéieren a mateneen iwver déi benannte Plazen ze schwätzen, well een direkt versteet, wéi eng Plaz gemengt ass, wann e Bauer zum Beispill seet: „Ech fuere mam Trakter an d'Wiss um Ronnebierg.“



D'Notairen hu fréier d'Flouernimm gebraucht. Firwat?




Foto: Thierry Cumini, 2023, Haus- a Flouernimm, Pulsa Studios

2. FLOUERNIMM

Aufgab

2.c. Mir schaffe mam Geoportail



Géi op www.geoportail.lu

Op de Kaarte vun der Rubrik „Allgemenge Portal-Kadasterplang”, setz bei de „Basisdaten” als Filter „Administrativ Eenheeten” a „Kadaster-Flouernimm” an.

- 1 Sich d’Uertschaft Oberdonven. Wéi eng Flouernimm fénns du an der Ëmgéigend vun **Uewerdonven** (Oberdonven)? Dro se hei op der Kaart an.



Foto: <https://map.geoportail.lu/>

- 2 Diskutéiert doriwwer, wou déi Flouernimm hierkommen oder wat se bedeiten. Munnech Erklärunge fénns du, wann s du d’Kaart um Geoportail genee kucks. Ganz oft liwwert den Numm och selwer d’Erklärung.

„Dirwiss“: _____

„an de Längten“: _____

„um Kuelebierg“: _____

2. FLOUERNIMM

3

Flouernimm kommen och nach bei ganz villen aneren Uertschafte vir. Zu Uewerdonven heescht zum Beispill eng Plaz „Bréil“. Dat erënnert u „Brill“, deen zu Lëtzebuerg ganz heefeg ass. **Sich fënnef Uertschaften**, wou et och e „Brill“ gëtt.

4


Kuck Dir de **Geoportail** nach eemol genee un! D’Notaire brauchen d’Flouernimm haut net méi. **Firwat?**

5

Sich och e puer Flouernimm aus der Géigend, wou s Du wunns.

6

Firwat ass et wichteg, datt d’Flouernimm erhale bleiwen?



2. FLOUERNIMM

2.d. Wat heeschen d'Flouernimm?

D'Flouernimm kënnen op eng natierlech Eegenaart hiweisen. *Op der Supp* zu Mäertert bezeechent z. B. eng Platz an engem Sumpfgebitt; *Am Bichel* zu Réiden weist op eng Erhiewung, e klengen Hiwwel hin.

Si kënnen och eng mënschlech Praxis op där Platz beschreiwen: *Beim Riedchen* zu Stroossen gouf fréier de Bësch verholzt; um *Fëschmaart* an der Stad si Fësch verkaft ginn. Iwwer d'Flouernimm gi mir och gewuer, wou Spuere vu fréiere Siidlunge kënne fonnt ginn: *beim laange*

Maes (vum laténgesche mansio) zu Fluessweiler gouf et z. B. eng Weestatioun, wou Ménsch an Déier konnten eng Paus aleen.

Verschidde Flouernimm fénnt een op de Stroosseschëlder, awer och op Landkaarten, z. B. op Wanderkaarten oder am Kadaster, wou all eenzelt Feld an all eenzelt Haus agezeechent ass. Verschidde Flouernimm ginn et awer just nach an der Erënnerung vun de Leit a si bis elo nach néierens opgeschriwwen ginn.



Aufgab



Aufgab:

1. Kuck Dir de **Film** nach eemol un an erklär:

„Kockelscheier“: _____

„Gaalgebierg“: _____

Hautdesdaags ginn och nach „Flouernimm“ erfonnt. Nenn d'Beispill vun deem Numm, deen d'Arméi erfonnt huet, deen awer net am Kadasterplang wäert stoen.



2. FLOUERNIMM

Aufgab

Wat ass d'Bedeitung vun dëse Flouernimm?
Verbann den Numm mat senger Bedeutung!



1. Um Hougericht	A. En Damm laanscht d'Waasser, dee virun Iwwerschwemmunge schützt
2. Um Gaalgebierg	B. Bam a Gaart; Plaz, wou Uebstbeem ugeplantz gi sinn
3. Um Kiem	C. Plaz, wou fréier eng Réimerstrooss an der Géigend war; d'Wuert huet etymologesch eppes mam franséische <i>chemin</i> ze dinn, kënnt awer aus dem Galleschen (Kelteschen)
4. Am Däich	D. Plaz, wou d'Gericht ofgehale ginn ass, dacks an der Géigend vun engem Gaalgen
5. An der Supp	E. Eng Plaz, wou fréier e Gaalge stoung, fir d'Leit opzehänken, wa se d'Doudesstrof kruten
6. Am Bongert	F. Plaz mat fiichtem, suppegem Ënnergrond



2. FLOUERNIMM

Verbann dës **Plaze** mat de richtege **Flouernimm**.

Aufgab



Den Huelen Zant

Den Dreiecksbësch

Roschbourn

Den Dreiecksbësch

Den Huelen Zant

Roschbourn



Roschbourn

Den Dreiecksbësch

Den Huelen Zant

Immateriellt Kulturierwen – Nohaltegeeketskompass

Dréck de Kompass op festem Pabeier eraus, schneit en der gestréchelter Linn no aus an heft déi zwee Kreesser mat enger Musterklamer uneneen



Dësen Nohaltegeeketskompass gouf am Kader vum Projet „NORTHERN DIMENSION PARTNERSHIP ON CULTURE: CREATING NEW PRACTICES OF SUSTAINABILITY - CROSS-SECTORIAL CREATIVITY IN THE ERA OF CLIMATE CHANGE“ (Kulturpartnerschaft am Norden; nei Praktike vun Nohaltegeeket schafen - seeteuriwergräifend Kreativitéit am Zäitalter vum Klimawandel) entwéckelt als kreativ Äntwert, fir d'nohalteg Entwicklung ze éinnerstëtzen an de gesellschaftlechen Diskurs duerch Konscht a Kultur an eng ekologesch-sozial, wirtschaftlech a kulturell Richtung ze entwéckelen.

- gesellschaftlechen Diskurs duerch Konscht a Kultur an eng ekologesch-sozial, wirtschaftlech a kulturell Richtung ze entwéckelen.

Dëse Kompass ass och Deel vun der Émszung vun der UNESCO-Konventioun fir d'Erhale vum immaterielle Kulturierwen a Finnland an an allen anere Länner op der Welt, déi matmaache wëllen! Aarbeitsgrupp: Leena Marsio, Katriina Siivonen, Aura Seikkula, Vesa Purokuru, Ira Vihreälehto, Antti Huntus, Hanna Lämsä, Matti Hakamäki. Grafesch Elementer: Christian Saldert. Layout: Jani Korkiakangas. Ursprénglech Konzept (Kysyvä Kompassi): Antti Huntus & Vesa Purokuru.

Iwersetzung op Lëtzebuergesch: Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch (ZLS) an Zesummenaarbecht mam Patrick Dondelinger. CC BY 4.0

Méi Informatiounen: leena.marsio@museovirasto.fi • antti.huntus@taike.fi • tomi.aho@taike.fi




Ministry of Education
and Culture



Arts Promotion Centre Finland

Immateriellt Kulturveren - Nohaltegkeetskompas

Dréck de Kompass op festem Pabeier eraus, schneit en der gestréchelter Linn no aus an heft déi zwee Kreesser mat enger Musterklamer uneneen





SCRIPT

Service de Coordination de la Recherche
et de l'Innovation pédagogiques et technologiques

Service de Coordination de la Recherche
et de l'Innovation pédagogiques et technologiques, SCRIPT

33, Rives de Clausen
L-2165 Luxembourg
secretariat@script.lu

www.script.lu

© 2024, SCRIPT | Tous droits réservés